Aufgaben: D’Geschicht vun der Tounopnam

1. D’Entwécklung vun der Tounopnam

Et huet laang gedauert, bis mir Musek wéi haut ëmmer a iwwerall lauschtere konnten. Setz déi wichteg Erfindungen aus der Këscht an der richteger Reiefolleg op den Zäitstral. Am Artikel fënns du och d’Joer vun der Erfindung.

Erfindung	→	Joer

Walkman Magnetophon MP3

Grammophon Phonautograph

Compact Disc (CD) Phonograph

2. Interview: Wéi war dat bei dir esou?

Du weess elo, datt d’Mënsche fréier ganz anescht Musek gelauschtert hunn.

Huel däin Handy an huel en Interview mat dengen Elteren oder Grousselteren op.

Du kanns si zum Beispill froen,

- ob si gär Musek gelauschtert hunn,
- wat hir Liblingsmusek war,
- wéi si fréier Musek gelauschtert hunn,
- wou si sech iwwer nei Musek informéiert hunn,
- ...

Source: gomolach / Shutterstock.com

Du kanns däin Interview natierlech dono denger Klass virspillen, wann déi Leit, mat deenen s du den Interview opgeholl hues, och d’accord sinn.

Hei sinn e puer Tipps, wéi ee gutt Interviewfroe stellt:

- **Bereet** deng Froe virum Interview **vir**. Schreif se op e **Blat**.
- Denk un déi verschidde **W-Froen**. Si hëllefen dir bei der Virbereedung.

Wien? Wou? Wéini? Wéi? Wat? Firwat?

- Stell **ëmmer nëmmen eng eenzel Fro**. Soss kann déi aner Persoun dir net gutt äntweren.
- Suerg dofir, datt däin **Interviewpartner vill soe kann**. Stell dofir meeschtens Froen, op déi een net just mat Jo oder Nee äntwere kann.
- Suerg dofir, datt déi aner Persoun **hir eege Meenung** zu engem Theema soe kann. Dat mécht den Interview vill méi interessant.
- **Fro no**, wann eppes gesot gouf, wat dech **besonnesch interesséiert**.

Übung zu den Interviewfroen:

Kuck dir dës Froen un an entscheet, ob et eng gutt oder eng schlecht Fro ass. Ënnersträich déi gutt rout, déi schlecht blo. Erklär dono denger Klass deng Decisioun.

- Wat ass däi Liblingsgenre?
- Ass d’Taylor Swift deng Liblingssängerin?
- Has du fréier e Walkman?
- Wéi eng Playlist géifs du recommandéieren?
- Wat war däin éischte Concert?
- Wéi hues du fréier Musek entdeckt?
- Fënns du Rap cool?
- Wéi hues du als Kand Musek gelauschtert?

Source: SofiaV / Shutterstock.com